N°6762
Entrée le 02.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.09.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir déi sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Och zu Lëtzebuerg kënnt et ëmmer rëm vir, datt Bierger an déi tragesch Situatioun geroden, op eng ëffentlech Invaliderent ugewisen ze sinn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Minister fir sozial Sécherheet gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Bierger aktuell eng Invaliderent bezéien a preziséieren, wéi dës sech op physesch a psychesch Invaliderenten opdeelen?
2) Kann den Här Minister matdeelen, wéi eng Prozedure mussen agehale ginn, fir d'Invaliditéit festzestellen?
3) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert wéi vill Dokteren a Kontrolldokteren aktuell zu Lëtzebuerg akkreditéiert sinn, fir déi eenzel Forme vun Invaliditéit ze certifiéieren?
4) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, op wéi eng Ursaachen, déi eenzel Kategorie vun Invaliditéit zeréckzeféiere sinn (Aarbechtsaccident, Autosaccident, medezinesch Niewewierkung asw.)?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

N°6762
Entrée le 03.10.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

Inspection générale de la sécurité sociale

Äntwert vum Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°6762 vum 2. September 2022 vum Deputéierten Jeff Engelen iwwert d'Statistiken am Zesummenhang mat der Invaliderent

1) Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Bierger aktuell eng Invaliderent bezéien a preziséieren, wéi dës sech op physesch a psychesch Invaliderenten opdeelen

Fir de Mount Dezember 2021, goufen 17 352 „ëffentlech Invaliderenten", dh Pensions d'invalidité vum Régime général d'assurance pension, vun der Pensiounskeess CNAP [1] ausbezuelt, dëst un 9 946 Männer an 7 406 Fraen.

Am Artikel 192 vum Code de la Sécurité sociale ass virgesinn dass Invaliderenten ab dem 65ten Gebuertsdag vum Bénéficiaire als Alterspensiounen weidergeschriwwe ginn („reconduire"). Wann een dës Fäll mat a Betruecht hëlt, ginn fir Dezember 2021 am Ganzen 42 314 Pensions d'invalidité an Pensions d'invalidité reconduites gezielt.

Op déi lescht Joren gekuckt, bleift d'Unzuel vun Invaliderenten relativ konstant, den Undeel un all den Pensiounen hëlt awer of (cf. Bilan technique du régime général d'assurance pension - 2022 [2]).

Fir all Assuré deen eng Invaliderent ufreet gëtt en individuelle medezineschen Avis gemaach. Dozou gëtt et keng Klassifikatioun. Et ass also net méiglech ze soe wéi vill Invaliderenten op physesch a psychesch Ursaachen zeréckzeféiere sinn.

Tableau 1: Unzuel un ausbezuelten Invaliderenten vun der CNAP vun 2012 bis 2021 (fir de Mount Dezember)

	Pensions d'invalidité <65			Pensions d'invalidité reconduites >65			**Total**
Joer	Männer	Fraen	**Total**	Männer	Fraen	**Total**	
2012	10 144	6 681	**16 825**	14 820	10 019	**24 839**	**41 664**
2013	9 964	6 726	**16 690**	14 889	10 149	**25 038**	**41 728**
2014	10 008	6 860	**16 868**	14 889	10 319	**25 208**	**42 076**
2015	10 277	7 083	**17 360**	14 792	10 408	**25 200**	**42 560**
2016	10 442	7 225	**17 667**	14 709	10 538	**25 247**	**42 914**
2017	10 235	7 185	**17 420**	14 522	10 571	**25 093**	**42 513**
2018	10 038	7 115	**17 153**	14 342	10 652	**24 994**	**42 147**
2019	9 914	7 093	**17 007**	14 320	10 796	**25 116**	**42 123**

[1] Caisse nationale d'assurance pension
[2] Bilan technique du régime général d'assurance pension - 2022 - Inspection générale de la sécurité sociale // Le gouvernement luxembourgeois

2020	9 824	7 152	**16 976**	14 274	10 893	**25 167**	**42 143**
2021	9 946	7 406	**17 352**	14 033	10 929	**24 962**	**42 314**

Quell: CNAP/IGSS

2) Kann den Här Minister matdeelen, wéi eng Prozedure mussen agehale ginn, fir d'Invaliditéit festzestellen?

Et ass um Assuré eng Ufro op Invaliderente béi der CNAP eran ze reechen. Wann déi administrativ Konditioune fir eng Invaliderente erfëllt sinn oder erfëllt kéinte sinn (jee nodeems wat fir een Datum als Ufank vun enger Invaliditéit festgehale géif ginn), kritt den Assuré en Formulaire R4 geschéckt deen den Assuré un séin Dokter weider geet. Den Dokter fëllt dëse Formulaire mat medezineschen Donnéeën aus a schéckt en un d'CNAP eran. D'CNAP gefaast doropshin de Kontrolldokter vun der sozialer Sécherheet (CMSS) mat der Fro ob beim Assuré eng Invaliditéit virleit an, wann jo, ab wéi engem Datum. De CMSS hellt seng Decisioun opgrond vun de virleienden Donnéeën an/oder enger medezinescher Ënnersichung. D'CNAP ass un d'Konklusioune vum CMSS gebonnen.

3) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert wéi vill Dokteren a Kontrolldokteren aktuell zu Lëtzebuerg akkreditéiert sinn, fir déi eenzel Forme vun Invaliditéit ze certifiéieren?

All Dokter deen exerzéiert kann am Prinzip eng Invaliditéit feststellen. Déi normal Prozedur ass wéi Uewe beschriwwen dat den Assuré de Formulaire R4 u säi behandelen Dokter weidergëtt.

4*)Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, op wéi eng Ursaachen, déi eenzel Kategorie vun Invaliditéit zeréckzeféiere sinn (Aarbechtsaccident, Autosaccident, medezinesch Niewewierkung asw.)?*

Evolutioun vun der Unzuel vu Persounen matt enger, vun der AAA zougedeelter, permanenter partieller Incapacitéit (IPP) duerch en Aarbechts- oder Trajetsaccident, oder duerch eng Beruffskrankheet

Joer	Aarbechtsaccident	Trajetsaccident	Beruffskrankheet
2016	792	169	68
2017	726	160	70
2018	764	121	69
2019*	622	128	90
2020*	278	49	40
2021*	66	5	21
2022*	1	0	0
Total	**3.249**	**632**	**358**

(*) nach Dossieren a Suspens

Wann den Aarbechtsaccident, den Accident beim Trajet oder d'Beruffskrankheet duerch d'AAA unerkannt ass, fixéieren d'Doktere vum Contrôle médical, mat deenen d'AAA eng verbonne Kompetenz huet, no Konsolidéierung vum Gesondheetszoustand vun der betraffener Persoun (Stabilisatioun vum Gesondheetszoustand vun Affer vu kierperleche Verletzungen), en eventuelle partielle permanenten Incapacitéitstaux. Am Fall vun der Fixatioun vun esou engem Taux, kann d'Affer, nieft eventuelle Pensiounen, vun Entschiedegunge fir net-patrimoniale Schued profitéieren, déi vun der AAA zougewise gi sinn.

Lëtzebuerg, den 30/09/2022.

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen